ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Pressekommmunikee vum 8. Juni 2019

Wou bleift d'Transparenz?

De neie Wand an d'Transparenz, dat war Gambia 1.

Gambia 2 fänkt mat engem décke Skandal un. An Zäiten an deenen d'Protectioun vun den Donnéeë soll grouss geschriwwe ginn, ass et nämlech net kloer, wéi de „Fichier central" vun der Police, deen zum Deel mat alen an urale Faite gefiddert ass, och där déi emol net zu enger Geriichtsaffär gefouert hunn, benotzt gëtt. Hei feelt et un Transparenz fir de Leit eng Rechtssécherheet ze ginn!

Zu wéi engem Zweck, no wéi enge Modalitéiten a vu wem därf dee Fichier

consultéiert ginn? Wéi a vu wem ginn dee Regele kontrolléiert? Wéi ass d'Situatioun bei Astellungen a verschidde Verwaltungen, bei der Ufro vun engem Waffeschäin **a bei stroofrechtlechen Poursuiten?** D'ADR verlaangt hei Kloerheet iwwer déi aktuell Praxis a kloer Regelungen fir d'Zukunft!

D'ADR bedauert, datt d'Regierung de Fichier central net am Kader vun der Policereform ugeschwat huet. Dëst wär d'Geleeënheet gewiecht fir d'Gestioun vun dem Fichier ze moderniséieren an duerch en oppenen Emgang mat där Fro géintiwwer dem Public weidert Vertrauen fir d'Police opzebauen!

D'ADR wëll d'Policeaarbecht net behënneren, ganz am Géigendeel! . D'Police muss awer no Reegele fonctionnéieren déi deenen héchste Standarden vum Rechtsstaat an der Demokratie entspriechen. Dofir muss och de „Fichier central" nei organiséiert ginn a no

deenen effektiven, operationnelle Noutwendegkeete ausgeriicht ginn. Informatiounen déi keen polizeileche Wäert (méi) hunn, gehéiere net an esou e Fichier. Enner anerem muss den Zougrëff op de Fichier, besonnesch vun Instanzen déi net zu der Police gehéieren, an d‘ Dauer vum Stockage vun enger Informatioun streng gereegelt ginn.

Heidrun ass bis elo ausgerechent eng Regierung gescheitert, déi eng europäesch Dateschutz-Direktiv extrem streng ëmgesat huet. Et ass en Ënnerscheed, op e Bierger aus fräie Stécker, wann och vläicht liichtfankeg méi iwwert säi Liewe publik mécht, wéi gesond a sécher ass, oder ob e Staat op eng net kloer gereegelt Manéier Donnéeën iwwert seng Bierger späichert an zougänglech mécht, déi eigentlech guer net méi dierften existéieren. D’Existenz vum „Fichier central“ wor jo bis elo och deene meeschte Leit mol net bekannt! En **offiziellen** „Casier judiciaire“, deen opwänneg

aktualiséiert gëtt an aus deem Verurteelungen fristgerecht verschwannen, ass an esou engem Fall jo nëmmen nach e blannen Manöver.

Fir d'ADR ass d'Verantwortung vun enger Regierung, déi sech esou wuel d'Policereform wéi och d'Dateschutzgesetz houfreg op de Fändel schreift, hei kloer engagéiert.

Den ongereegelten an anscheinend och nach zimlech gängegen Asaz vun enger polizeilecher Datebank, och eventuell zum Nodeel vu deene betraffene Bierger, gehéiert net an e Rechtsstaat. Esou eng Praxis ka bei de Leit dat Gefill nach verstäerken, dat eis Demokratie a Gefor ass.

Déi aktuell Diskussioun rondrëm de Fichier central verlaangt no Transparenz an Opklärung. Hei kënne potentiell ganz vill Leit betraff sinn an de Wonsch Kloerheet ze schafen muss sech un dem orientéieren wat **am Kader vun der parlamentarescher Enquêtekommissioun iwwert de**

Geheimdéngscht gemaach gouf. Et geet drëm, Sécherheet ze garantéieren awer Dysfonctionnementer auszeschléissen!

Duerfir fuerdert d'ADR d'Asetze vun enger parlamentarescher Enquêtekommissioun an zwar esou séier wéi méiglech.